Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen, Aarbecht & Justiz weiderzeleeden.

An der Bundesrepublik Däitschland gëtt et zanter dem 1. Juli 2010 e sougenannten "Pfändungsschutzkonto" (§850k ZPO), deen et Betraffenen erlaabt ee Minimalbetrag op hirem Bankkonto virun enger *saisie-arrêt* ze schütze fir esou weider um gesellschaftleche Liewe kennen deelzehuelen.

Dës Norm ass onofhängeg vun enger eventueller Saisie oder Cessioun op engem Salaire, mee betrëfft direkt de Kontestand vun engem eventuellen Debiteur.

An Däitschland ass nämlech am §850c ZPO d'Saisie vun engem Aarbechtsakommes gereegelt an trotzdeem huet den däitsche Legislateur et fir néideg fonnt fir och de monetären Eegentum ze schützen. Den §850c ZPO existéiert am lëtzebuergesche Gesetz ënnert der Form vun den Artikelen L. 224-1 bis L. 224-5 vum Code du Travail, wou ee sougenannten "Pfändungsfreibetrag" virgesinn ass, deen awer equivalent zum 850k ZPO ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ginn et Pläng vun der Regierung fir eng analog Reegelung zum däitschen §850k ZPO zu Lëtzebuerg anzeféieren?

2. Wéi vill Saisie goufen an deene leschte 5 Joer (opgedeelt no Joer) géint Privatpersounen geschwat? Wéi vill dovunner hunn (och pro Joer opgedeelt):
   - just de Salaire betraff?
   - just Eegentum betraff?
   - souwuel Salaire wéi och Eegentum betraff?

3. Wéi vill Saisien hunn tëscht 2014 an haut stattfonnt bei deenen de ganze Solde vun engem Bankkont saiséiert gouf? Wéi vill dovunner ware Privatpersounen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange